

Demokratiedefizit? Nee!

Ass Lëtzebuerg eng Diktatur? Vum Staatsminister gëtt d'Land mat arabeschen Onrechtsregimer verglach, well d'Ausländer net fir d'Chamber kënnen wielen. Tatsaach ass, datt bal iwwehall op der Welt dat Recht fir bei nationale Wale matzestëmme just déi Leit mat der Nationalitéit vum Land, an dem gewielt gëtt, hunn. Ausser a rare Länner mat kolonialem Hannergrond.

D'Walflicht zu Lëtzebuerg garantéiert d'Legitimitéit vum gewielte Politiker. Déi ass hei méi héich, wéi a Länner, wou bal

d'Halschent vum de Leit net viele geet, well se keng Loscht hunn.

All Ausländer deen hei zu Lëtzebuerg wunnt, dierf bei de Sozial- a Gemengewale wielen a sech viele loosse. Hie ka souguer Buergermeeschter oder Schäfte ginn, eng weltwäit Raritéit!

Hien dierf, wann en EU-Europäer ass, bei Europawale matwielen. An hie kann no 7 Joer am Land Lëtzebuurger ginn, ouni seng éischt Nationalitéit opzeginn, a kritt domat och all politesch Rechter.

All Ausländer huet och e

Wahlrecht fir säin eegent nationaalt Parlament. Mir sinn also net an enger Situatioun, wou en Deel vum der Bevëlkerung kee Wahlrecht hätt – anescht wéi 1919, wou d'Fraen alleguer awer och all déi Männer, déi keng Steiere bezuelt hunn, iwwehapt kee Wahlrecht haten.

D'Regierung wëll den Ausländer hei am Land e Matsproocherecht ginn, ouni datt si och nëmmen ee Wuert Lëtzebuergesch kënnen! Wéi eng Konsequenzen huet dat fir eist Land a seng Sprooch?



Goulнора SOULTANOVA

Chargée de Cours fir Piano

Gebierteg aus Usbekistan

„Mäi Kand ass hei gebuer an an der Schoul gëtt Lëtzebuergesch geschwat. Et loung fir mech op der Hand, datt d'Kand domat zweesproocheg erzu gi soll. Och op der Aarbecht hu mir eng gemeinsam Sprooch: d'Lëtzebuergesch.“

„Wéi ech d'Konditiounen erfëllt hunn, hunn ech d'Lëtzebuurger Nationalitéit ugeholl. Dëst sécher aus professionnelle Grënn, mä awer och well d'Nationalitéit an d'Sprooch mir ganz nei Horizonter opgemaach hunn. Ech dierf zu Lëtzebuerg wielen a gewielt ginn, an hu mech an der ADR engagéiert.“

All Bei wielt an hirem eegene Stack!



... seet de Picky

Dir wëllt Autocollanten oder Spéngle bestellen:

Mëllt iech am Sekretariat op der Nummer 46 37 42

oder iwwert info@adr.lu

www.adr.lu

Wielen, well ee Steiere bezilt? Nee!

Bis 1919 huet zu Lëtzebuerg nëmmen dee gewielt, deen eng Steier bezuelt huet. Déi Leit, déi eppes haten, wollten eleng decidéieren. Dunn huet Lëtzebuerg déi ondemokratesch finanziell Oplag ofgeschaaft, als eent vum den éischte Länner d'Fraewahlrecht agefouert a Schluss mat Diskriminierungemaach. D'nationaalt Walrecht gouf un d'Nationalitéit geknäppt.

Dat ass richteg, well eis Deputéiert si verantwortlech fir d'Zukunft vum Land an der Natioun, fir eise Wu- elstand, jo fir eis Existenz als Land

a Natioun. Haut wëlle verschidde Leit dee Schrack zeréckgoen. Een Argument fir d'Ausländerwahlrecht seet, wien hei Steiere bezilt, soll och d'Chamber wielen. Wat ass mat Leit, déi hei keng Steiere bezuelen? Mammen, déi eleng erzéien? Leit, déi net genuch verdéngen, fir Steieren ze bezuelen? Lëtzebu- erger, déi am Ausland Steiere bezuelen? Frontalieren, déi hei am Land Steiere bezuelen, awer net wielen d'äerfen? Leit, déi hei am Land Quellesteier op hirem Verméige bezuelen oder just Aksisesteier op Bensin an Tubak?

Fir esou Froen aus dem Wee ze goen, ass d'nationaalt Walrecht quasi an alle Länner vum der Welt un d'Nationalitéit geknäppt. All Land an all Natioun huet d'Recht, iwwe seng Zukunft eleng ze bestëmmen. Dat ass eng grouss demokratesch Errongenschaft, déi esouguer d'EU zu Bréissel net a Fro stellt, obwuel se ëmmer méi an de Länner wëll matdecidéieren. Net all Land mécht et Ausländer esou einfach, d'Nationalitéit ze kréien, wéi Lëtze- buerg. Et ass ee Lëtzebuurger oder net. Do gëtt et keng Diskriminierung.

D'ADR informéiert: all ons Versammlunge fänken um 19.30 Auer un.

26. Mee - Houschter-Déckt
Café-Restaurant Koeppé Jemp
59, Hauptstrooss

29. Mee - Klengbetten
Restaurant „de Bräiläffel“
12, rue de la Gare

1. Juni - Schwéidsbeng
Augustinushaus
Route du Vin

2. Juni - Harel
Café „Beim Jeanne“
31, rue Mgr. Fallize

3. Juni - Diddeleng
Taverne Mont-Saint-Jean
1, place Gymnich